



Assemblée générale ordinaire du 2 mars 2021

Rapport d'Activité du Secrétaire général Daniel Nestler

Merci Steve,
Dir Damen an Dir Hären,
Leif Kolleginnen a Kollegen,

Ech soen iech Merci dass der den Wee heihinner fonnt hutt, an dat an Zäiten vun der Pandémie, wou Assembléeën wei des net méi sou ganz einfach ze organisieren sinn. Mir haten d 'Lescht Joer eng immens Chance dass mer eis AGO nach e puer Deeg virun dem kompletten Lockdown konnten korrekt ofhalen, an dat souguer nach mat engem Buffet! Mir hunn och dëst Joer erëm Chance mat eisem Datum, zumindest am deen Sënn dass eis AGO net huet missen annulléiert ginn. D 'Zuelen sinn rëm um klammen, an mir wëssen net wei et weider geet. lessen an drénken ass dann och dëst Joer net méiglech, dofir soen mer iech Merci dass der trotzdem komm sidd.

Den "rapport d'activité" ass jo ëmmer een Réckbléck op alles wat mer d 'lescht Joer esou gemaach hunn, an wat geschitt ass. Ech ginn dann awer lo net nach eng kéier op alles an wat den Steve souwisou schon gesot huet. Duerch d'Pandémie war natierlech e bëssen manner lass am Joer 2020, mee trotzdem gött et awer nach genuch ze soen.

D 'Lescht Joer hat ech op dëser Plaz gesot den Projet Télé travail wier duerch des Pandémie 1-2 Joer no vir bruecht ginn. Dat war awer zimlech falsch, well schlussendlech ass et doudsécher nach vill méi. Ech mengen dass och no der Pandémie den Télé travail net méi wech ze denken ass. Den Télé travail fonctionnéiert op deenen meeschten Plazen ganz gutt, ausser op e puer Administratiounen wou den Direkter dann mengt hien bräicht dat net, oder zumindest net ganz vill Télé travail.

Et ass vir mech hei déi drëtten Kéier wou ech iech eisen rapport d'activité als Generalsekretär vun der AGC däerf virstellen, an dat ass vir mech ëmmer nach eng grouss Éier. Et ass net ze gleewen wéi séier d 'Zäit vergaang ass, well eisen Mandat ass schonn fäerdeg et haut sinn schonn rëm Walen.

Den Raymond Hencks war een vu mengen Virgänger op dësem Posten hei als Generalsekretär vun der AGC. Hien huet deemools des Associatioun fundamental geprägt an et deet mer wei ze gesinn dass hien lo net méi do ass. Et soll eis drun erënneren dass mer d 'Liewen sollen genéissen, well heiansdo ass et ganz onerwaart ganz schnell eriwwer.

Kommen mer zu den Zuelen:

D 'Lescht Joer haten mer net manner wei 33 Réuniounen. Hei d 'Aarbecht vun der AGC an rengen Zuelen:

(powerpoint)

- **1 Assemblée générale ordinaire**
- **4 réunions du Bureau Exécutif**
- **1 réunions du Comité Exécutif (COVID)**
- **2 réunions du Groupe de travail art. 36**
- **1 entrevue avec les dirigeants de la CGFP**
- **1 vérification de caisse avec les réviseurs**
- **7 comités Fédéral CGFP**
- **3 comités Exécutif CGFP**
- **2 conférences des comités CGFP**
- **Organisation élections CHFEP**

An natierlech wéi ëmmer, ganz vill E-mailen, Uriff an och e puer Bréiwer.

Corona bedéngt ass des Zuel vun Réuniounen réckleefeg, et war einfach net méiglech souvill ze maachen wei soss, virun allem net mat villen Leit, also am Comité exécutif.

Eis leschten Assemblée generale ordinaire war den 11. Mäerz 2020. Déi dominant Sujeten waren d 'Formatioun vun den Stagiären, den Artikel 36 vun Statut an den projet de loi iwwer den "Aménagement du temps de travail", deen leider ëmmer nach net gestemmt ass, an natierlech, och schonn dat lescht Joer, Corona.

Eng besonnesch Erausfuerderung vir mech war d 'lescht Joer d 'Organisatioun vun eiser Lescht vir d 'Walen vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi trotz Pandémie jo normal ofgehal ginn sinn. Ech hunn dat vir d 'éischten Kéier gemaach, an do däerf een sech net ieren, soss ass d 'Lescht ganz séier ongülteg, sou wei mer dat dann och beim OGBL gesinn hunn.

Jo, mir haten dëst Joer Chance! Den OGBL wollt an all Carrière eng Lescht presentéieren, huet awer Formfeeler gemaach, respektiv Leschten presentéiert déi net komplett waren! Doduerch ass hier Lescht an der Carrière moyenne an an der Carrière inférieur duerchgefall. Dovun profitéieren mir natierlech, an eis Kandidaten sinn also d 'Office gewielt! Dëst ass eng gutt Noriicht, mee et muss een dovun ausgoen dass se deen Feeler net wäerten widderhuelen, sou dass et bei den nächsten Walen e bëssen méi schwéier kéint ginn.

Hei also d 'Lescht vun den Leit déi gewielt sinn:

<powerpoint> AGC

<powerpoint> CGFP

Wéi och den Steve schonn erkläert huet, d 'Formatioun vun de Stagiäre war schonn d 'Lescht Joer een Haaptthema, an et bléift et och dëst Joer. Mir sinn net averstan Mam Här Minister

Hansen an mir ginn eis nach ëmmer net. Dofir hunn mer no laangen an intensiven Diskussiounen, den 8. Januar en Bréif un den Minister geschéckt. Ech liesen deen hei lo net komplett vir, well en huet awer 3 Säiten Argumentatioun, obschonn mer eis immens zréckgehal hunn an et kuerz gefaasst hunn. Pour Rappel, d 'Formatioun initial, dat heescht deen sougenannten "tronc commun", ass jo lo op 90 Stonnen gekierzt ginn, an dat nodeems d 'Chamberkommissioun déi initial vum Minister geplangten Formatoun vun 60 op 90 Stonnen eropgesat huet.

Eis Haapt Argumenter sinn hei folgend:

<powerpoint>

Den Minister huet dann och schonn op eisen Bréif reagéiert. Mir hunn eng Réunioun mat him iwwer webex mat him den 19. Abrëll, wou eis Proposition dann hoffentlech diskutéiert gëtt. Vlächicht ass hien jo des Kéier besser gelaunt a manner aggressiv. Op jidder Fall wäerten mer eis net ënnerkréien loossen.

Mir hunn dann vum Minister nach eng aner interessant schrëftlech Äntwert kritt. Bei eiser éischer Entrevuë mat him hate mer deemools gefuerdert dass den Changement de Carrière direkt vum B1 an den A1 solls bestoen bleiwen vir den Redakter, och no 2025. Als Äntwert huet hien deemools gesot dat wier net wichteg, well et kéint een jo 2 changements de carrière consécutifs maachen. Dat heescht, déi 2. Kéier muss een keng 10 Joer méi waarden, mee wann 's de an den A2 kenns kanns de dann direkt eng nei Demande vir an den A1 maachen. Déi 10 Joer Waardezäit gëllt nëmmen vir d 'Carrière initiale, dest kruten mer an Teschenzäit och schrëftlech vun him confirméiert. Wann also een vun den

Direkteren dat anescht sollt gesinn, sot eis Bescheed, mir ginn
iech gären eng Copie vun deem Bréif.

Zum Schluss nach een klengen Appel!

Mir hunn manner Kandidaten wéi oppen Posten am “Comité
exécutif”. Traut iech roueg iech ze mellen, mir kennen all
Hëllef gutt gebrauchen.

Dat war et vu mir vir dëst Joer. Ech hoffen dass Corona lo
lues a lues besser gëtt an dass mer nächst Joer op dëser
Plaz rëm kennen eppes ze iessen kréien an bëssen kennen
feieren.

Ech soen iech Merci vir d `Nolauschteren